

Här Fernand Etgen  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi op enger Rei, an de Medie verëffentleche Fotoen ze gesi war, war notamnt den lechternacher Lycée vun de rezenten Iwwerschwemmung staark betraff, mee och eng Rei aner Lycéeën, zum Beispill den Ermesinde an de geplangten EIMAB zu Miersch leien no laanscht Flëss. Bekanntlech war och d'Uertschaft Miersch selwer staark vun den Iwwerschwemmung betraff.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister gär des Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng eenzel Lycéeë vum Héichwaasser betraff sinn?
- 2) Kann den Här Minister matdeelen, wéi héich de Montant vun deenen entstanene Schied insgesamt ass, a wéi se sech no deenen eenzele Lycéeën opdeelen?
- 3) Kann den Här Minister opschlësselen, wéi eng spezialiséiert Fachinfrastrukturen (Biologie, Chimie, Physik, Konscht...) an deenen eenzele Lycéeë besonnesch betraff sinn? Ass scho bekannt, ob d'Héichwaasserschied sech no der Rentrée negativ op de Fonctionnement vun deenen eenzele Lycéeë kéint auswierken?
- 4) Huet d'Héichwaasser d'Bibliothéike vun eenzele Lycéeë betraff?
- 5) Goufe bei der Iwwerschwemmung Déngschtgefierer vun deenen eenzele Lycéeë beschiedegt?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



N° 4688  
Reçue le 14.09.2021

LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Éducation nationale,  
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 13 septembre 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec  
le Parlement

Service central de Législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 4688 de Monsieur le Député Fred Keup**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch  
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4688 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

Vum Héichwaasser betraff waren de Lycée classique d'Echternach (LCE) an de Lycée Privé Emile Metz (LPEM). D'Lycéeën zu Miersch si vum Héichwaasser verschount bliwwen.

**Ad 2)**

Den Ament kann nach kee genaue Montant vun de Schied genannt ginn, weder am Gesamten nach fir déi eenzel Lycéeën, wëll déi genau Ënnersichungen an de Gebaier nach net ofgeschloss sinn. Et ass och zu dësem Zäitpunkt schwierig, eng Estimatioun iwwer d'Schied ze maachen, well zum Beispill Schimmel sech dacks eréischt no e puer Méint feststelle léisst. Eréischt da weess een wéi eng Kllassesäll musse komplett, zum Deel oder net brauche renovéiert ze ginn.

**Ad 3)**

Am LCE sinn de Metallatelier, de Schräineratelier, de Makerspace an de Fotostudio betraff, am LPEM d'Ateliere fir d'Ausbildung vun de Mekanicien an och de Makerspace an een Informatiksall.

D'Héichwaasserschied wäerte net ouni Repercussiounen op déi nächst Schoulrentrée bliwen. Et ass awer elo schon assuréiert, datt all d'Coursë kënnen organiséiert ginn.

**Ad 4)**

Jo, souwuel d'Bibliothék vum LCE ewéi och déi vum LPEM ware vum Héichwaasser betraff.

**Ad 5)**

Et si keng Déngschtgefiierer vu Lycéeën duerch d'Héichwaasser beschiedegt ginn.